

Regulus Junior-Club

Programm

Oktober – Dezember 2022

natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
secretariat@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu

Samschdes, den 1. Oktober 2022

Sonndes, den 2. Oktober 2022

D'Rees an de Süden

EuroBirdwatch22

Heimat bass du an deng Famill invitéiert fir bei den interessante Vullebeobachtunge matzemaachen. De Programm vum Birdwatchday kanns du op der nächster Säit noliesen !

D'Rees an de Süden

Zuchvulle beobachten a bestëmmen

Den 1. an 2. Oktober bitt natur&ëmwelt erëm d'Méiglechkeet d'Zuchvullen op hirer Rees an de Süden ze beobachten. Ganz besonnesch d'Fiichtgebidder eegnen sech dozou, well d'Vullen sech do fir eng kuerz Zäit nidderloosse fir ze friessen an esou hir Fettreserven opzebauen. En Team vun Ornithologe féiert duerch d'Gebidder an demonstréiert d'Beréngung vun de Vullen (zu Remerschen an Iwwersyren). Eng Spektiv a deck Schong sinn erwënscht.

Programm

Samschdes 01.10.2022 10.00 bis 18.00 Auer

Visite vum Biodiversum a vum Naturschutzgebitt souwéi vill flott Aktivitéiten, wéi z.B. Kanneratelier'en, Fotosausstellung a.v.m.
Haff Réimech/Remerschen
Treffpunkt: Biodiversum Remerschen

Sonndes 02.10.2022

Visite vum natura 2000 Gebitt Schlammwiss zu Iwwersyren
Treffpunkt: 9.00 Auer Mënsbech, Parking Fußballsterrain

Obligatoresch Umeldung: Jim Schmitz, Tél.: 621 29 36 95
E-mail: j.p.schmitz@naturemwelt.lu
Ëffentlechen Transport: Gare Mënsbech



Samschdes, den 1. Oktober 2022

Sonndes, den 2. Oktober 2022

vun 13.00 bis 18.00 Auer

Samschdes, den 15. Oktober 2022

Äppel plecken am Bongert

Matt den Äppel aus dem Bongert Altenhoven gëtt Viz gemaach. Op der Plaz kann een den Äppelviz zu engem besonnesch gënschtege Präis bestellen.

Jiddereen, Grouss a Kleng, as invitéiert eng Hand mat unzepaken, esou wéi et him zäitlech passt.

Et kann ee sech och gratis e Kuerf Äppel oder Biren plécken!

Dir sidd also häerzlech invitéiert matt ärer ganzer Famill lanscht ze kommen!

Auerzäit:
10.00-16.00 Auer

Treffpunkt:
Bongert Altenhoven

Donneschdes, den 3. November 2022

Farweg Natur-Lanteren

An der Natur fanne mir sou vill ënnerschidlech Sachen mat deenen mir eng flott Lanter bastelen kennen.
Dono gi mir zesummen e klengen Tour duerch de Bësch a liichten de Wee mat eisen Natur-Lanteren.

Auerzait:
15.30-18.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur



Alter:
6 bis 9 Joer

Onkäschten: 8 €

Dënschdes, den 22. November 2022

Natierlech Adventsdeko

Eise Klassiker!! Déi wanterlech Natur gëtt engem vill Materialie fir eng schéin Deko fir d'Enn vum Joer ze bastelen.
D'Feierdeeg ganz natierlech a nohalteg.
Bei Glühjus a flotter Musek werkelen a bastele mir.



Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 8 €

1., 8., 13., 15. an 20. Dezember 2022

Winterkids

E Chrëschtmaart fir d'Kanner!
Hei ginn flott Atelier'en, Liesungen, Theater, a villes méi extra fir iech Kanner organiséiert. Beim Regulus Junior-Club kanns du flott a praktesch Beiewuessdicher machen.
Komm lanscht a looss dech iwwerraschen!

Wéini:
1., 8., 13., 15. an 20. Dezember
all Kéiers vu 14.00 bis 17.00 Auer

Wou:
Nieft der Cathédrale am Haff vun der aler Bibliothéik

Donneschdes, den 8. Dezember 2022

Adventsbäckerei

Mir baken Schneekeges fir d'Wanterzäit! Pünktlech fir d'Adventszäit baken mir Kichelcher a maachen nach aaner gudd Saachen aus gesonden Vollwäertprodukter.

Auerzait:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur



Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 10 €

Dënschdes, den 20. Dezember 2022

Käerzenatelier

Rullen! Géissen! Zappen! Et as Adventszäit! Aus Beiewues maachen mir vill flott verschidden Käerzen, déi dir doheem fir d'Feierdeeg kennt brennen loossen.

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer



Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur



Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 8 €

Numm: _____

Adress: _____

Uertschaft: _____

Gebuertsdatum: _____ Telefon: _____

GSM (Mamm): _____ GSM (Papp): _____

mellt sech un fir: (ukräize w.e.g. an zeréckschécken oder mailen)

O Farweg Natur-Lanteren
03.11.2022

O Natierlech Adventsdeko
22.11.2022

O Adventsbäckerei
08.12.2022

O Käerzenatelier
20.12.2022

Fir d'Aktivitéiten, wou mir deng Participatioun zeréckbehalen hunn, kriss du eng Bestätegung per Flyer!

natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
jugend@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu